



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro  
Nr. 6662 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Den honorabelen Deputéierten stellt d'Fro, ob d'Lëtzebuergesch op de Klassen S1, S2 an S3 vum Enseignement secondaire vun den ëffentlechen agréierten Europaschoulen e sougenannt Promotiounsfach ass oder net, a supposéiert, et hätt an der internationaler Schoul vun Déifferdäng (EIDE) eng rezent Ännerung an dëser Matière ginn.

Et sief dofir e Bléck an d'Legislatioun erlaabt, déi sech hei applizéiert.

Déi ëffentlech agréiert Europaschoulen ënnerleien, wat d'Zertificatioun betrëfft, den europäesche Bestëmmungen, sou wéi et an hire jeeweilige Gesetzer festgeluecht ass. Als Beispill sief hei den Artikel 4, Paragraph 2, vum Gesetz vun der internationaler Schoul zu Déifferdäng zitéiert (*Loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange*):

« *L'organisation des études, les contenus, les modalités de l'enseignement et les certifications de l'enseignement européen de l'École sont soumis à la loi du 23 décembre 1998 portant approbation de la Convention portant statut des écoles européennes, signée à Luxembourg le 21 juin 1994 et des Annexes I et II.* »

Dëst heescht, datt d'Promotiounscritèren déi selwecht sinn wei an all deenen aneren Europaschoulen. De *Règlement général des écoles européennes* (2014-03-D-14-fr-10) zielt a sengem Artikel 61 déi Fächer op, déi op de Klassen S1, S2 an S3 promotiounsrelevant sinn:

« *Matières de promotion :*

*Matières de base*

- 1. Langue I*
- 2. Mathématique*
- 3. Langue II*
- 4. Sciences humaines*
- 5. Sciences intégrées*
- 6. Langue III*

*Autres matières*

- 1. Art*
- 2. Musique*
- 3. Education physique*
- 4. Latin*
- 5. Informatique*
- 6. ONL (autres langues nationales)*

*Les cours de Religion/Morale et les activités complémentaires ne sont pas des matières de promotion. »*

D'Lëtzebuergescht zielt net zu den uewe genannten „ONL“; opgrond vun den Dispositiounen, déi aktuell en vigueur sinn, gëlle just Iresch, Maltesesch, Finnesch a Schwedesch als ONL. Am Dokument *Politique linguistique des écoles européennes* (2019-01-D-35-fr-2) fanne sech folgend Informatiounen zu den ONL:

*« ONL – Autre langue nationale (« Other National Language ») L'irlandais et le maltais sont les langues nationales de l'Irlande et de Malte, respectivement, et des langues officielles. Le suédois et le finnois sont les langues nationales de la Finlande. Dans le système des Écoles européennes, ces quatre langues sont enseignées à titre d'ONL aux élèves qui en font la demande. L'irlandais et le maltais sont enseignés dans la section anglophone aux ressortissants irlandais et maltais. Le finnois est enseigné aux ressortissants finlandais de la section suédoise, et le suédois leur est enseigné dans la section finnoise. »*

Domat dierft kloer sinn, dass d'Lëtzebuergescht net zu den ONL a deemno och net zu de Promotiounsfächer zielt.

Dëst gëtt an der internationaler Schoul zu Déifferdeng grad wéi och an deenen aneren agréierten Europaschoulen esou gehandhaabt. Et gouf och keng rezent Ännerung an der Interpretatioun vun den uewe genannte legalen a reglementareschen Dispositiounen.

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH